**Léif Kolleeginnen a Kolleegen,**

Ech begréissen Iech alleguerte ganz häerzlech op eisem 1. Mee hei zu Réimech.

Den 1. Mee an dësem Kader hei zu Réimech ass elo zanter e puer Joer zu engem feste Rendezvous am Kalenner vum LCGB ginn.

Ech si frou an houfreg Iech all haut an eisem Festzelt, wat quasi bis op déi lescht Platz besat ass, no zwee Joer Corona-bedéngtem digitalen 1. Mee erëm alleguerten erëm ze gesinn.

E grousse Merci och dem Buergermeeschter an dem Schäffenrot vun der Gemeng Réimech an ganz besonnesch den Mataarbechter vum Service Technique. Ouni hiert Engagement wier dëst Evenement net méiglech.

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

Dësen 1. Mee ass anescht, ganz anescht ewéi déi leschte Kéier, ewéi mir 2019 hei an dësem Kader fir eist Familljefest zesumme waren.

Dësen 1.Mee ass anescht, well d'sanitär Kris eis Gesellschaft an de leschte Joren enorm belaascht huet, well d'Aart a Weis wéi mir hei am Land zesumme schaffen a liewen sech duerch d'Pandemie staark verännert huet.

Dësen 1. Mee ass och anescht, well mir net méi an engem friddlechen Europa kenne feieren.

An Europa gëtt et no bal 8 Joerzéngte Fridden erëm Krich, well de Putin-Regime säin Noper d'Ukrain iwwerfall huet an all Dag zanter dem 24. Februar ginn onschëlleg Fraen, Kanner a Männer vun de Russen an hirem Heemechtsland bombardéiert, massakréiert, vergewaltegt a gefoltert.

Et ass dofir kloer, datt eis Gedanken haut bei de Mënschen an der Ukrain sinn a mir e kloert Zeeche vu Solidaritéit a Mënschlechkeet un alleguerten d'Ukrainer wëlle schécken an och ganz speziell un déijéineg, déi aus hirem Heemechtsland verdriwwe gi sinn, déi nëmmen duerch d'Flucht hiert Liewe konnte retten an mir wëllen hinne kloer soen, datt si hei bei eis en neit Doheem kenne fannen, wat hir Heemecht net kann ersetzen, mee wou si d'Liewe vun hire Familllen erëm kennen nei opbauen.

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

Den 10. Mee 1940, dat sinn elo net grad 82 Joer hir, ass Lëtzebuerg ewéi Frankräich, d'Belsch an Holland, vun engem aneren Aggressor iwwerfall ginn. Den Nazi-Regime ënnert dem Hitler huet nodeems en Tschechoslowakei, Polen an Norwegen iwwerfall hat, och Westeuropa ugegraff.

Wéi esouvill aner Natiounen huet och e grousse Deel vun der Lëtzebuerger Populatioun missen hir Heemecht verloossen a sinn am Süde vu Frankräich an engem Akt vu Mënschlechkeet an Solidaritéit opgeholl ginn.

Ganz genau esou musse mir eis elo mat de Mënschen aus der Ukrain solidaresch weisen.

Matt de Mënschen aus der Ukrain, déi un eis Dier klappen an eis Hëllef an Ënnerstëtzung brauchen, an och mat deenen Ukrainer, déi hiert Land géint de russeschen Aggressor verteidegen.

Den LCGB fuerdert dofir d'Regierung op, an Europa mat, dofir ze suergen, datt Flüchtlingen aus der Ukrain iwwerall eng Plaz kenne fannen, wou si déi néideg Ënnerstëtzung kréien, fir hir Existenzen nei opzebauen.

Den LCGB fuerdert doriwwer eraus d'Regierung op, alles z'ënnerhuelen, fir datt d'Ukrain sech géint den Aggressor ka wieren a Russland net nëmmen ze denoncéiere, mee duerch weider Sanktiounen ze strofen.

De Putin-Regime muss kloer an d'Schranke gewise ginn, an Europa däerf am Fong mat Russland keng normal Relatioune méi hunn, bis déi russesch Aggressioun op en Enn kennt, de Putin-Regime ersat ginn ass an de Putin an alleguerten déi aner Krichsverbriecher hir gerecht Strof kritt hunn.

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

De Krich an der Ukrain huet nieft villem mënschleche Leed, déi ekonomesch Problemer, déi no der Relance aus der Covid-Kris entstane sinn, net nëmmen exponentiell verstäerkt, mee haut ass och d'Imprevisibilitéit vun der ekonomescher, sozialer a politescher Entwécklung esou grouss wéi nach ni an Europa.

D'Inflatioun ass duerch d'Explosioun vun den Energiepräisser staark am klammen, d'Versuergungssécherheet, besonnesch wat de Gas an eng ganz Rei vu Gidder a Wueren ugeet, ass staark a Fro gestallt.

D'Logistikkette sinn nach méi op der Kopp an et dreet esou guer eng schlëmm Hongersnout an Deeler vun Afrika, well d'Ukrain kee Weess méi ka liwweren.

Op des Entwécklung muss d'Europäesch Union net nëmme reagéieren, nee et muss sécher gestallt ginn, datt mir an der Zukunft ni méi an esou Situatioune kommen.

Als Konsequenz muss d'Europäesch Union sech anescht a besser opstellen an dëst an enger Welt, déi duerch Pandemie an de Krich an der Ukrain ni méi déi selwecht wäert sinn, an alleguerten eis Gewëssheeten duerch nei Onsécherheeten ersat gi sinn.

D'Europäesch Union muss sech dofir staark Kompetenzen am Beräich vun der Santé ginn, well d'Corona Pandemie eis kloer virun Ae gefouert huet, datt d'Gesondheet an d'Gesondheetspolitik global Äntwerte brauchen, wat den Approvisionnement, d'Fuerschung, awer och d'Moyen'en ugeet, déi an deenen eenzelen EU-Memberlänner zur Verfügung stinn.

D'Europäesch Union muss eng gemeinsam Energiepolitik op d'Been stellen. D'Versuergungssécherheet ass an dëser Welt, wou d'Onsécherheeten net méi kleng ginn, net méi anescht ze meeschteren. $CO_2$-Reduktioun, d'ekologesch Transitioun vun eiser Industrie, vun eiser ganzer Gesellschaft a Richtung vun enger méi nohalteger Produktioun a Liewensweis sinn och net anescht ewéi gemeinsam ze meeschteren a mussen en Deel vun deem Ganze sinn.

Europa muss sech mat deenen néidegen Technologien an Infrastrukturen equipéiere, fir dësen Defi ze packen. $CO_2$ Taxen eleng an dee bal scho perversen Handel mat Emissiounszertifikater netzen näischt, wann mir de Mënschen an Europa keng konkret Léisunge kenne virleeën.

D'Europäesch Kommissioun däerf dobäi net vergiessen, datt de Businessmodell an Europa muss wiesselen.

Den LCGB fuerdert, datt an Europa eng Wirtschaftspolitik op de Wee bruet gëtt, déi Europa strategesch méi onofhängeg mëscht an den erschaffte Räichtum och gerecht ënnert den Europäer verdeelt.

Mir brauchen also méi Investissementer, déi dofir suergen, datt Schlësselindustrien erëm an Europa kennen ugesidelt ginn, fir op des Manéier nei Aarbechtsplazen an der ganzer EU ze schaffen.

Den LCGB fuerdert en soziaalt Europa, an deem den Interesse vum Salarié, vum Bierger, méi Rechnung gedroe gëtt.

Mir brauchen an Europa net nëmmen en sougenannte Sockel mat soziale Grondrechter.

Den LCGB fuerdert anstänneg Léin a Renten a ganz Europa a mir brauchen eng gutt sozial Ofsécherung fir alleguerten d'Bierger an Europa.

Den LCGB fuerdert, datt all Mënsch an Europa dezent vu senger Pai oder Rent ka liewen.

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

D'europäesch Staaten kommen net derlaanscht, dat néidegt fir hir Defense ze maachen, sief et am Kader vun der Nato oder der Europäescher Union. Matt der Defense ass et ewéi mat den Pompjeeën am Duerf, mir mussen hinnen déi néideg Moyen'en ginn, mir mussen se forméieren an trainéieren an mir hoffen alleguerten, datt et ni wäert brennen.

Allerdéngs muss een wëssen, datt wann e Feier ausbrécht, een ouni d'Pompjeeën verluer ass an dofir mussen mir dofir suergen, datt d'EU an d'Nato sech deementspriechend an der Defense opstellen an déi néideg Moyen'en bereetstellen.

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

De Pazifismus ass eng nobel Astellung. Allerdéngs huet weder den Hitler gëschter, nach de Putin haut sech vu Pazifismus oder enger Appeasementspolitik beandrocke gelooss. Wann de Putin haut net an der Ukrain gestoppt gëtt, da sti mir héchstwarscheinlech virun engem neien an da leschte Weltkrich.

Och eis Fräiheet, eis demokratesch a progressiv Gesellschaft gëtt an der Ukrain verteidegt.

Dofir muss de Putin gestoppt ginn, seng Diktatur muss op en Enn bruet ginn an dofir kann Europa net nokucken an näischt maachen.

Tyrannei, Krich, Massemord, Folter a Vergewaltegung däerfen an Europa no zwee Weltkricher keng Plaz méi fannen a mussen an der Ukrain op en Enn bruet ginn.

Europa muss der Ukrain also och mat Waffen hëllefe, fir den Aggressor ze stoppen a Russland esou laang mat Sanktioune strofen, bis d'Diktatur a Russland op en Enn kennt.

Schlussendlech muss d'Europäesch Union seng Relatioune mat dem Rescht vun der Welt iwwerdenken.

Mir kennen a sollen am Fong nëmme mat deenen Handel dreiwen, déi eis demokratesch Wäerter deelen, déi sech grad ewéi d'Europäesch Unioun fir eng sozial gerecht Gesellschaft an eng propper Ëmwelt asetzen.

De Skandal am Skandal ass, datt de Putin bis de 24. Februar als lupenreiner Demokrat gegollt huet, datt de russeschen Oligarchesystem, deen op Korruptioun an Diktatur berout, vun europäesche Responsabelen, dorënner och Lëtzebuerger Politiker, als salonsfäeg betruecht ginn ass an datt bis elo alleguerten seng Verbriechen ewéi Attentater, déi séllege Kricher, net nëmmen a Syrien, mat massive Mënscherechtsverletzungen, esou guer den Ofschoss vun engem Passagéierfliger, ouni richteg Konsequenze fir de Putin an säi Regime bliwwe sinn.

Wann mir net laanscht Autokraten an Diktatore komme fir verschidde Ressourcë wéi Ueleg a Gas kennen anzekafen, esou däerf ni méi eng komplett Ofhängegkeet ewéi vu Russland beim Gas a Kaf geholl ginn.

Den LCGB fuerdert net manner ewéi eng Globaliséierung mat Leitplanken, déi sech un eisen demokrateschen a progressive Wäerter, eise sozialen Errongenschaften an eisem Antriede fir eng propper Ëmwelt a géint de Klimawandel orientéiert.

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

Déi sanitär Kris an de Krich an der Ukrain hunn eis erëm eng Kéier eppes virun Ae gefouert, wat mir schoun laang wossten.

Lëtzebuerg ass keng Insel an ass enorm tributär vun den Entwécklungen, déi sech um globalen Niveau ofspillen.

An der Conclusioun heescht dat ganz kloer, datt eist Land sech nëmmen an engem staarken Europa ekonomesch a sozial weiderentwéckele kann.

Déi rezent Evolutioun vun den Energiepräisser, sief et Sprit, Gas oder Elektresch, hunn d'Inflatioun staark ugedriwwen an dëst an engem Ëmfeld, wat schonn am zweete Semester 2021 vu staarke Präishaussen duerch Penurie vu Baumaterialie markéiert war.

Des Entwécklung stellt eng ganz Rei vu Betriber, sief et an der Industrie, an der Logistik oder am Bau, virun déifgräifend Erausfuerderunge, woubäi eng ganz Rei vun anere Secteuren, ewéi den Horeca, d'Konsequenze vun der Pandemie nach net verdaut haten.

Des Entwécklung ass nefaste a stellt iwwer kuerz oder laang eng ganz Rei vun Aarbechtsplazen hei am Land a Fro.

Donieft ass d'Kafkraaft vun de Salariéen an de Rentner net nëmmen duerch Präisexplosioun beim Sprit, Mazout, Gas an Elektresch, mee och duerch d'Deierecht, déi sech lues a lues och bei anere Produit'en bemierkbar mécht, ganz staark ënner Drock.

Et ass an dësem Kontext vun enger déifgräifender ekonomescher a sozialer Kris, datt de Staatsminister déi national Tripartite ageruff huet.

D'Analyse vun der Situatioun, déi d'Sozialpartner mat der Regierung erstallt hunn, berout am Fong op e puer Volet'en an ass beonrouegend, fir net ze soen alarmant.

D'Approvisonnementsproblemer an Deierecht, déi sech eng éischte Kéier bei der Relance no der Pandemie gewisen hunn, sinn duerch de Krich an der Ukrain exponentiell verstäerkt ginn an och d'Sanktiounen, déi d'EU géint Russland huet missen decidéieren, hunn d'Energiepräisser explosiounsaarteg no uewe gedriwwen.

Ouni Hëllefe sinn eng ganz Rei vun industriellen Aktivitéiten hei am Land direkt a Fro gestallt an domadder natierlech och d'Aarbechtsplazen, déi un dësen Aktivitéiten hänken.

Doniewent ass déi weider ekonomesch Entwécklung staark tributär vun dem, wat sech elo an der Ukrain wäert ofspillen. Wat de Krich méi laang dauert a méi schlëmm gëtt, wat Deierecht op verschiddene Produit'en besonnesch och d'Energie nach ka weider unzéien, wat déi weider ekonomesch Entwécklung staark a Fro gestallt ass.

Nieft dem mënschleche Leed duerch de Krich kann et an der EU zu enger ekonomescher Rezessioun kommen, wou sech dann nach sozial Tragedië wäerten ofspillen.

D'Entwécklung vum Staatsbudget ass am aktuelle Kontext och mat engem Fragezeiche verbonnen.

D'Salariéen an d'Rentner leiden och ganz staark ënnert der aktueller Präisdeierecht an en gudden Deel vun de klengen a mëttlere Paien a Rente riskéieren d'Enner net méi beieneen ze kréien.

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

Den LCGB huet schonn an de leschte Wochen a Méint kloer gemierkt, datt d'Veronsécherung bei de schaffende Leit grouss ass, vill maachen sech Gedanken, net nëmmen iwwert Pai a Kafkraaft, mee och a ganz besonnesch iwwer d'Sécherheet vun hirer Aarbechtsplaz.

Am Fong mierke mir, datt mir an dëser Kris alleguerten an engem Boot setzen, Patron a Salariéen, a wann duerch d'Inflatioun op de Matières Premières an der Energie eng Rei vu Betriber net méi kenne mathalen an d'Aktivitéite mussen astellen, da bedeit dat am beschte Fall Chômage partiell oder schlëmmstefalls definitive Chômage fir d'Leit, déi do schaffen.

D'Boot schwemmt also entweder fir eis alleguerten zesumme weider oder mir gi gemeinsam ënner!

Des Kris stellt d'Existenz vun de Salariéen direkt zweemol an d'Fro: eng Kéier duerch den drohenden Aarbechtsplazverloscht an eng zweet Kéier duerch de massive Kafkraaftverloscht, deen d'Präisdeierecht no sech zitt.

Et ass also an enger extrem schwiereger an imprevisibeler Situatioun, datt d'Tripartite zesumme komm ass, a versicht huet, Pisten ze degagéieren, déi op der enger Säit d'Beschäftegung ofsécheren, andeems Betriber, déi am schlëmmste vun den Erhéijung vun den Energiepräisser betraff sinn, cibléiert Aiden kréien, an op der anerer Säit d'Kaafkraft vun de Leit besonnesch mat méi klenge Revenu stäerken.

Dobäi huet d'Entwécklung vun der Inflatioun och dozou gefouert, datt an engem Zäitraum vun 10 Méint 3 Indextranchen declenchéiert wiere ginn.

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

Den Index ass déi eenzeg Garantie, déi Salariéen am Privatsecteur hunn, fir hir Kafkraaft ofzesécheren.

Allerdéngs seet engem och den gesonden Mënscheverstand, datt zousätzlech zu den déifgräifenden ekonomeschen Problemer, des Entwécklung den Aus fir verschidden Betriber hätt kennen bedeiten an deementspriechend huet Tripartite missen Léisungen fannen.

Natierlech war d'Léisung fir d'Patronat denkbar einfach. Den Index soll ewech an zwar direkt, dat heescht, datt och d'Indextranche vum 1. Abrëll net méi ausbezuelt sollt ginn, an der Zukunft wier den Index duerch eng Prime unique ersat ginn.

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

Dëst ass keng Alternativ fir den LCGB gewiescht.

Den LCGB steet fir den Index an, well den Index nieft der Kafkraaftofsécherung och d'Basis fir eis Kollektivvertragsverhandlungen ass.

Den Index ass domadder de Garant vum soziale Fridden hei am Land.

An wien den Index a Fro stellt, muss sech bewosst sinn, datt de soziale Fridde mat um Spill steet.

Trotz dëser schwiereger Situatioun muss ee festhalen, datt sech Diskussiounen an der Tripartite tëscht de Sozialpartner an der Regierung konstruktiv entwéckelt hunn.

Dat ass net zulescht dem Staatsminister säi Verdéngscht, deen duerch säin Engagement, seng Beharrlechkeet an säi Gescheck, d'Tripartite zesummen hale konnt an esou um Enn en globale Pack op den Dësch konnt leen.

D'Resultat vun der Tripartite, wat elo virleit, gesäit deementspriechend aus:

- Betriber, déi duerch de Krich an der Ukrain impaktéiert sinn, kréie cibléiert Hëllefe, wat hir Liquiditéit ugeet a wat Käschtenexplosioun duerch d'Energiepräisser ugeet, wann si staark op Energie ugewise sinn. Desweidere sinn och nach Hëllefe virgesi fir klengen a mëttlere Betriber bei deenen Efforten ze hëllefen, déi si am Kader vun der $CO_2$ Reduktioun maachen.
- D'Indextranche, déi op den éischten Abrëll erfall ass, gëtt ausbezuelt.
- D'Indextranche, déi héchstwarscheinlech am August vun dësem Joer erfällt, gëtt op Abrëll 2023 verluet.

- Als Kompensatioun fir d'Verleeë vun dëser Indextranche gëtt en Credit d'impôt Energie agefouert, dee fir kleng a mëttler Revenu'en eng Iwwerkompensatioun par Rapport zu der verluechter Indextranche duerstellt. Als Beispill well ech hei nëmmen erwänen, datt eng Indextranche engem Mindestloun 42 Euro Netto de Mount bréngt an den neie Credit d'impôt 84 Euro Netto de Mount.
- Fir d'Locatairen net weider ze belaaschten, gëtt bis Enn des Joers en Gel vun de Loyer'en agefouert an d'Loyerssubventioun gëtt verbessert, doduerch datt méi Leit kennen an de Genoss vun dëser Hëllef kommen.
- De Sprit gëtt bis Enn Juli an de Mazout bis Enn des Joers mat 7,5 Eurocent de Liter subventionéiert.
- PRIMe House gëtt fir Steid mat klengen a mëttlere Revenu méi accessibel.
- De REVIS an Bourse d'études ginn duerch dësen Accord mat verbessert.
- Sollt d'Situatioun sech aggravéiere respektiv eng zousätzlech Indextranche am Joer 2023 erfalen, da muss d'Tripartite convoquéiert ginn, fir der Situatioun no adaptéiert Léisungen ze fannen.

Dëse Solidaritéitspak, ewéi de Staatsminister en zu Recht genannt huet, stellt en Käschtepunkt vu méi ewéi 800 Milliounen Euro duer an dovunner si 600 Millioune virgesinn, fir Kafkraaft vun de Salariéen, Rentner a Studenten ze stäerken.

Den LCGB huet des Tripartiteverhandlunge gefouert an déi Zieler erreecht, déi mir eis am Virfeld ginn haten:

- Éischtens, den Indexsystem ass duerch Resultat vun dëser Tripartite net a Fro gestallt ginn, nee den Index ass confirméiert an ofgeséchert ginn. D'Indextranche vum Abrëll gouf ausbezuelt, an d'Indextranche vum August gëtt zäitlech liicht verschiibt.
- Zweetens ass vir d'eischte Kéier iwwerhaapt eng Kompensatioun fir d'Verleeë vun enger Indextranche agefouert ginn, wou d'Solidaritéit voll a ganz spillt, well besonnesch déi kleng a mëttler Revenu'en a Renten, déi am schlëmmsten ënnert der Inflatioun leiden, staark ënnerstëtzt ginn.
- Drëttens si mir mat der Regierung an dem Patronat iwwertenee komm, datt, wann déi ekonomesch Situatioun sech géif verschlëmmeren oder eng zousätzlech Indextranche am Joer 2023 kéint erfalen, d'Tripartite erëm convoquéiert gëtt.
- Schlussendlech ass duerch dësen Accord d'Tripartite als Kriseninstrument voll zum Droe komm.

Fir den LCGB kennt eng Afrostellung vun eisem Tripartitemodell net a Fro.

Lëtzebuerg, eis Ekonomie, eis Aarbechtsplazen, d'Leit, déi hei am Land liewen a schaffen, sinn duerch Decisiounen an Accord'en vun der Tripartite gestäerkt aus all Kris eraus komm.

Den LCGB ass net gewellt, dëse Modell liichtsënneg an liichtfankeg op d'Spill ze setzen.

Den LCGB ass haut federführend a sektoriellen Tripartitten an der Siderurgie an an der Aviatioun, mir hunn déi Modeller mat entwéckelt an op de Wee bruet.

An mir fuerderen dësen, eisen, Lëtzebuerger Wee, eise Sozialmodell an d'Zukunft ze feieren an net op d'Ofstellgleis vun der Geschicht ze stellen.

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

Tripartite ass dat Instrument vun der nationaler Solidaritéit.

Tripartite ass dat Instrument, wat kapabel ass, Krisesituatiounen ze léisen.

An all Gewerkschaft muss sech bewosst sinn datt eis Aarbecht nëmmen op Solidaritéit baséiert.

Den LCGB ass deementspriechend zur Conclusioun komm, datt dësen Tripartitesaccord en gutt Resultat duerstellt a mir deementspriechend eis Zoustëmmung zu dësem Solidaritéitspak konnte ginn.

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

Matt dësem Accord kann d'Boot weider schwammen, mee de Stuerm ass nach laang net eriwwer. Villäicht huet de richtege Stuerm och nach net ugefaange, mee egal wéi, hunn mir déi richteg Instrumenter op de Wee bruet, fir d'Aarbechtsplazen ofzesécheren an d'Kafkraaft vun de Salariéen a Rentner net nëmmen z'erhalen, mee och ze stäerken.

Den LCGB wäert sech weider am Sënn vun de Salariéen a Rentner hei am Land asetzen.

Den LCGB kann de Salariéë konkret Léisungen op den Dësch leen.

Den LCGB war de Motor, wéi et drëms gaangen ass, wärend der Pandemie den Teletravail an den Droit à la déconnexion mam Patronat ze verhandelen a Léisungen auszeschaffen, déi entretemps hire Wee an de Code du travail fonnt hunn.

Den LCGB ass déi Gewerkschaft, déi sech insgesamt fir d'Interête vun de Salariéen am Privatsecteur vun eiser Ekonomie asetzt.

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

Et sinn d'Salariéen am Privatsecteur, déi de Räichtum hei am Land erschaffen. Wann Tripartite haut konnt déi néideg Moyen'en aus dem Staatsbudget degagéieren, esou ass datt, well mir eng dynamesch Ekonomie hunn, déi sech ëmmer erëm staark konnt weiderentwéckelen.

Dobäi sinn d'Mënschen, déi an dëser Ekonomie schaffen, déi wäertvollst Ressourcen an anengems dee vulnerabelsten Deel.

Dofir musse mir ganz speziell an dëser ekonomescher Kris dofir suergen, datt keen ënnert d'Rieder kennt.

Ech mengen domadder och a ganz besonnesch d'Kolleegen, déi bei Liberty Steel zu Diddeleng schaffen.

Dëse Site huet eng Zukunft verdéngt an d'Existenze vun de Salariéë mussen ofgeséchert ginn.

Alles anescht wier eng Perversioun vum ekonomeschen Handelen.

De Chef vu Liberty Steel, deen e richtege Flibustier a Bandit schéngt ze sinn, muss och zur Rechenschaft gezu ginn. Bedruch a Ligen däerfen net nach belount ginn.

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

Den LCGB wäert sech weider fir d'Ofsécherung vun den Existenze vun de Salariéen asetzen.

Den LCGB bleift weider um Ball fir eist Aarbechtsrecht, eise Kollektivvertrag awer och d'Formation Continue un déi nei Gegebenheeten an der Aarbechtswelt, déi notamment, duerch d'Digitalisatioun entstinn, am Sënn vum Salarié a senger Famill unzepassen.

Den LCGB fuerdert déi kontinuéierlech Verbesserung vun eiser Securité Sociale an besonnesch am Kader vun der Gesondheetskeess spillt sech en Trauerspill of, wann ee gesäit, wéi déi Responsabel musse Faillite deklaréieren, wann et drëms geet des wichteg Struktur organisatoresch an technesch op de Stand vum 21. Joerhonnert ze bréngen.

D'Bestandsopnam vun dëser Tripartite huet och erëm kloer gewisen, datt gewësse strukturell Defiziter an eisem Land onbedéngt musse geléist ginn. Dat ass zum engen de Logement an zum aneren déi administrativ Hürden, déi d'Kreatioun vun neie Betriber mat neien Aarbechtsplaze scho bal onméiglech maachen, Stéchwuert: Knauf, Fage an och elo Google.

D'Nischepolitik, op déi eise Businessmodell berout huet, ass definitiv eriwwer an dofir fuerdere mir d'Regierung op, sech dëse Problemer schnellstens unzehuelen, wann mir och nach muer eis Zukunft wëlle gestallten an attraktiv Aarbechts- a Liewenskonditiounen an dësem Land wëlle bidden.

Lëtzebuerg brauch definitiv en neie Businessmodell an och dat misst en Sujet vun enger Tripartite sinn, well des strukturell Defiziter vill méi déifgräifend sinn a schläichend de Standuert Lëtzebuerg ënnergruewen.

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

Den LCGB als Gewerkschaft vum Privatsecteur bitt de Salariéë mat sengen Delegéierten a Gewerkschaftssekretären en kompetent Encadrement am Betrib un.

Den LCGB erweidert kontinuéierlech seng Prestatiounen a proposéiert mat senge Consultant'en an den LCGB Info-Center'en eng qualitativ Berodung an Ënnerstëtzung komplementar zu eisem Engagement an de Betriber un.

D'Consultant'en vum LCGB stinn haut an den Info-Center'en an der Stad, zu Esch, zu Ettelbréck a neierdéngs och zu Déifferdeng déi ganz Woch prett, fir d'Salariéen ze beroden.

Eis Info-Center'en an der Groussregioun zu Mäerzeg an Thionville sinn erëm vum hallwe Mee un op. An der Belsch gëtt eis Consultatioun vun de Kolleege vun der CSC iwwerholl an och do hu mir eis Zesummenaarbecht am Interêt vun eise gemeinsame Membere besser koordinéiert.

Den LCGB wäert op dësem Wee weiderfueren an säin Engagement an seng Presenz kontinuéierlech verbesseren.

Den LCGB well mat senge Membere resolut an d'Zukunft goen.

Loosst eis zesummen, eis engagéieren am Sënn vum Mënsch a sengen Interêt'en, déi an de Mëttelpunkt vun de gewerkschaftlechen Decisioune musse stoen.

Den LCGB ass frei an onofhängeg, den LCGB ass kapabel, fir esou eng Gewerkschaftspolitik mat sengen Delegéierten a Militanten ze gestalten.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet a wënschen Iech all nach en schéinen Dag hei um LCGB Familljefest zu Réimech.

Zu gudder Lescht Kolleeginnen a Kolleegen, gëllt fir eis,

Vive d'Ukrain, déi e Recht huet a Fridden an a Fräiheet hire Wee an d'EU ze goen!!!

Vive den LCGB!!!